



16th World Scout Moot Ireland - Luxembourg Contingent

Newsletter 2

De Moot an Ireland gouf wéinst dem COVID-19 op de Summer 2022 verluecht. D'Thema bleiwt d'selwecht anzwar « le chéile » (leh kay-la) wat d'Iresch Iwwersetzung fir « zesummen » ass.

Zum Land: Irland ass eng Insel mat wëller Natur, frëndleche Leit an enger antiker an animierter Kultur. D'Landschaft ass e Mix vu mystesche Plazen a wëlle Küsten. D'Iren sinn immens accueillant an humorvoll. « Craic » ass eng vun hire Liiblingsbeschäftegunge: si maache gäre de Geck, ma kënnen awer och iwwert sech selwer laache.

Fir ween: als **Participant** matgoe ka jidderee den **tëscht** dem **19. Juli 1995** an dem **19. Juli 2004** inclus gebuer ass.

Als **IST** (International Service Team) matgoe ka jidderee den den **18. Juli 1995 oder virdru** gebuer ass.

Si hunn d'Alterslimite ugepasst sou datt déi déi 2021 hätte kéinte matkommen och 2022 net ze al sinn.

Zum Contingent: Mir wäerte zesummen als 1 Contingent fir Lëtzebuerg an Irland fueren an eist Land representéieren. De CMT (Contingent Management Team) wäert aus maximal 3 Leit bestoe, woubäi den Head of Contingent nach vacant ass.

Zu den Datumer: de Moot selwer wäert vum 18.07.2022 - 28.07.2022 daueren. Do mussen awer +/- 1 Dag virdrun an duerno agerechent ginn en fonction vum Fliger.

D'**Participants** solle sech also vum **17.07.2022 – 29.07.2022** op alle Fall emol fräihale.

D'**IST** solle vum **16.07.2022 – 30.07.2022** disponibel sinn.

Zum Programm: d'Ouverture ass den 18.07.2022 am Zentrum vun Dublin, duerno geet et fir d'Participants a méi kleng Gruppen op hier jeeweileg Trailer. An der zweeter Halschent vum Moot kommen all d'Participants um Basecamp beim Malahide Castle zesumme fir e super Camp ze verbréngen. Den Ofschluss ass dann den 28.07.2022 beim Basecamp.

Zum Präis: Eis Participatioun um Moot ass héich well doduerch och manner räich Länner d'Méiglechkeet hunn un dësem Event deelzehuelen.

De Präis vum Lëtzebuurger Contingent wäert ëm déi **1100€ fir d'Participants** an **900€ fir d'IST** ouni Transport leien. E genaue Präis muss nach definéiert ginn, je no eise Besoine.

Inclus an dem uewe genannten ass de Moot, den Contingent-Kit an d'Preparatioune virdrun.

Zur Pre-Umeldung: per mail op moot@fnel.lu mat Numm, Virnumm, Grupp, Participant oder IST. Definitiv ass d'Umeldung eréischt wann **den 1. Acompte** dobannen ass! Informatiounen zum Bezuele komme no der Pre-Umeldung. Offiziell Umellungen wäerte mir ab dem 1. Juli bis den 1. September unhuelen.

Eventuell Virrees / Norees: wann Interessi besteet, kenne mir eng kleng Rondrees virum oder nom Moot organiséieren. De Programm steet nach aus, zousätzlech Onkäschten mussen nach definéiert ginn.

COVID-19: Dir fannt méi Informatiounen zu allem wat mat der Pandemie ze dinn huet hei: <https://www.worldscoutmoot.ie/covid-19-faqs/>

Fir all weider Froen oder Infos, mellt Iech ënnert moot@fnel.lu !